adr:
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
14 JUIN 2016
2147

Här Mars Di Bartolomeo
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juni 2016

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Héichschoulminister weiderzeleeden.

*D'Associatioun vun de Studentevertrieder ACEL mécht drop opmierksam, datt eng vun de grousse Banken op der Plaz bei Studenteprêten, nieft de Garantie vum Staat déi vum Gesetz gin' ass, och eng Garantie vun den Eltere verlaangt.*

*Dowéinst wéilt ech dem Här Hélchschoulminister dës Froe stellen:*

1) *Kann den Här Minister bestätegen, datt eng oder méi Banken, beim Studenteprêt, eng Garantie / Biergschaft vun den Eltere verlaangen?*

*Wa jo:*

2) *Deelt den Här Minister d'Meenung, datt d'Garantie vum Staat duergeet, an datt d'Elteren net musse beim Studenteprêt Bierg sinn?*
3) *Wéi eng Schrëtt wëll d'Regierung bei de betraffe Banken ënnerhuelen, fir datt des mat esou enger Praxis ophalen?*

Mat déiwem Respekt

Roy Reding
Deputéierten

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Enseignement supérieur
et de la Recherche

Le Ministre délégué

Monsieur Fernand Etgen
Ministre aux Relations avec
le Parlement
Service Central de Législation
43, boulevard F.D. Roosevelt
L-2450 Luxembourg

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
Entrée le:
29 JUIN 2016

Luxembourg, le 29 juin 2016

**Concerne:** Question parlementaire n° 2147 du 14 juin 2016
de Monsieur le Député Roy Reding

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre en annexe et aux fins qu'il appartiendra la réponse à la question parlementaire susvisée.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma parfaite considération.

Marc Hansen
Ministre délégué à l'Enseignement supérieur
et à la Recherche

18, 20, montée de la Pétrusse
L-2327 Luxembourg
Tél. (+352) 247-85703
Fax (+352) 40 66 98
www.mesr.public.lu
www.gouvernement.lu
www.luxembourg.lu

Äntwert vum delegéierten Héichschoul- a Fuerschungsminister op d'parlamentaresch Fro n° 2147 vum honorabelen Deputéierten Roy Reding iwwert d'Studenteprêten:

Am Kader vun de Froen vum Deputéierten Roy Reding zu de Studenteprêten wëll ech präziséieren, datt ech virun e puer Méint vun der ACEL doriwwer informéiert gi sinn, datt bei der Ufro fir ee Studenteprêt eng Bank zousätzlech Garantië vun den Elteren gefrot hätt. Meng Servicer hunn doropshin direkt bei der concernéierter Bank intervenéiert. No interne Recherchen huet d'Bank eis matgedeelt , datt et sech hei ëm eng falsch Interpretatioun vum Dossier vun enger vun hiren Agencë gehandelt huet an datt et keng gängeg Praxis wier.

Op eis Nofro hin krute meng Servicer vun der Bank confirméiert, dass dësen Iertum dem Student an engem perséinleche Bréif matgedeelt ginn ass. Laut den Informatiounen, déi mir vun der Bank kruten, ass och uschléissend eng intern Note un d'Agencë vun der Bank verschéckt ginn, an deeër nach eemol op d'Konditiounen opmierksam gemaach gëtt ënnert deenen ee Studenteprêt soll accordéiert ginn.